PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 04/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg huet 100 Gemengen an deemno och 100 Gemengewebsiten. Dës Websiten spillen hautzedags eng kruzial Roll an der Kommunikatioun mam Bierger an erliichteren d'Zesummenaarbecht tëschent de Bierger:innen mat hirer Gemengeverwaltung. Dat spuert Zäit. Fréier huet een nach missten op d'Gemeng goen, fir administrativ Démarchen ze maachen oder Dokumenter ze kréien. Och fir Informatiounen ze kréien huet een als Bierger missten entweder physesch op d'Gemeng goen oder selwer an Zeitungen, Flyeren oder bei de Reider nokucken goen.

Doduerch, dass d'Gemengen Websäiten hunn, kënnen d'Bierger:innen sech also schnell informéieren. Wien selwer nokucke geet, dee gesäit, dass vill Websäiten bis ewell awer nëmmen a franséischer Sprooch ugebuede ginn, souwuel wat d'Menü-Navigatioun ugeet wéi och d'Inhalter op der Website. Fir vill Leit ass dat eng Hürd, well si d'Informatiounen net verstinn oder Verständnisproblemer mat der frankophoner Sprooch hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gemengewebsäiten hei am Land sinn op lëtzebuergesch?
2. Wéi vill Gemengewebsäiten hei am Land bidde méi wéi zwou Sproochen un?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten